



**Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5645 vum 1. Februar 2022
vun dem Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'Sommaton de paiement fir d'Employeuren aus dem
Horeca-Secteur**

Am engem Bréif, deen am Dezember 2021 vum Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) un d'Betriber am Horeca-Secteur, déi eng gréisser Dette vis-à-vis dem CCSS hunn, geschéckt gouf, goufen dës iwwer hier Paiementer punkto Sozialkotiatiounen informéiert an och dat am Januar 2022 d'Prozedur vum Recouvrement vum Secteur erëm géif entaméiert ginn, déi bis Enn Dezember 2021 suspendéiert gouf. Am ganze krute 624 Betriber dëse Bréif.

Op Basis vun enger Decisioun vum Verwaltungsrot vum CCSS vum 25. November 2021 ass am Januar 2022 den Horeca-Secteur erëm an d'Prozedur vum Recouvrement forcé opgeholl ginn. An deem Kontext si 581 Bréiwer verschéckt ginn a Form vun „Sommaton de paiement“. D'Betriber aus dem Horeca-Secteur sinn invitéiert gi bis Juni 2022 op mannst hir lafend Beiträg ze bezuelen, an ab Juli 2022 och déi bestoend Schold zeréckzebezuele mat engem Plan de Paiement.

Mat där Measure huet de CCSS dem Secteur erlaabt d'Bezuele vun hire Beiträg, déi nach ëmmer geschëlt waren, iwwer eng gestreckt Period opzehuele fir eng weider Accumulatioun vun den Detten ze vermeiden. Dobäi kennt, dat d'Betriber, déi ab Januar 2022 en Plan de Paiement beim CCSS hunn an anhalen, keng Intérêts moratoires verrechent kréien. Eng méi spéit Relance vum Recouvrement hätt d'Betriber aus dem Horeca-Secteur deemno zousätzlech belaauscht.

Fir all aner Secteure war de Recouvrement vun de Cotisatioune just tëschen Mäerz an Oktober 2020 ausgesat. Ausschliisslech den Horeca-Secteur huet deemno vun enger exzeptioneller Ausnameregelung profitéiert bis Enn Dezember 2021. Dobäi kënn dat de Staat eng Rei Mesuren en Place gesat hat, déi zum Deel nach ëmmer gräifen, fir d'Betriber finanziell ze ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2022

De Minister fir d'sozial Sécherheet

(s.) Claude HAAGEN